



Moien,

Mir sin eng kreativ **Kohabitationklass** aus der Ediff vu Rued-Sir (Zyklus 6) am Lënster Lycée. Mir verkafen **Kalenner** déi mir **selwer gemat** hun. Mir hun all Biller selwer gemolt. Dëst Joér hu mir eis beim „Hundertwasser“ inspiréiert. Dono hu mir de Layout vum Kalenner um Computer gemat an d'Dräckerei vun der Fondatioun Kräizbierg gefrot eis se ze drücken. An der Dräckerei hu mir deelweis gehollef d' Blieder ze sortéieren éier se gestanzt, gelächert an agrafféiert gi sinn.

Mir hun

eng ganz Reih Bréiwer geschriwen fir Verkafsstänn ze organiséieren.

An Rollespiller hu mir an der Schoul geübt wéi mir mat vill Charme am beschten kennen eis Kalenneren verkafen.

D'Buchféierung an d'Kees geréieren mir selwer a mam Erléis kofinanzéieren mir eis Wantersport Kolonie déi mir matt Schüler aus dem Lënster Lycée zesummen machen. Eis Kalenneren kaschten némmen 5 €.

Sidd Dir interesséiert? Ma dann zéckt nüt enger vun eisen Jofferen **unzeruffen** (Tel. Weber Dany: 691 462 334, Molitor Danielle : 621

716 080). Mir sin awer och per **E-Mail** ze erréchen

(ediff.cycle6@gmail.com). D'Suën kënn Dir eis op eisen Klassenkonto iwerweisen: CCPLULL LU44 1111 7032 6515 0000 Weber Dany - Molitor Danielle. Bei enger Sammelbestellung bréngen mir Iech gären d'Kalenneren lanscht. Mir kënnen Iech se awer och schécken - de Kalenner kascht dann awer 6 € wéinst dem Porto.

Villmols Merci am viraus fir Är Ennerstëtzung !

CATIA, ANNE-MARIE, JANIS, EVA, JIL, RUBEN, STEVE, CONNI, GILLES, JULIEN, DANY an DANIELLE

